

# kuerz & knapp.

BLÉIEMOUNT №3·19

S.8 KULTURJOER 2022 Interview mam Simone Asselborn-Bintz · S.12 GEMENG SUESSEM HËLLEFT  
S.16 SUMMERFEELING 2019 Interview mam Serge Tonnar · S.20 INTERVIEW Alain Welter · S.40 AGENDA  
Mee-Juni · S.46 INFORMATIONSBLAT Procès-verbal a Gemengenberichter 15.Februar, 22. Mäerz  
**MAGAZIN, AGENDA & INFORMATIONSBLAT VUN DER GEMENG SUESSEM**

■ BIELES

■ EILERENG

■ SUESSEM

■ ZOLWER



## Magazin

- |      |                                      |
|------|--------------------------------------|
| S.8  | <b>Kulturjoer 2022</b>               |
|      | Interview mam Simone Asselborn-Bintz |
| S.12 | <b>Gemeng Suessem helleft</b>        |
| S.16 | <b>Summerfeeling 2019</b>            |
|      | Interview mam Serge Tonnar           |
| S.18 | <b>Suessem, je t'aime</b>            |
|      | Eng Gemeng fir d'Liewen              |
| S.20 | <b>Eis Epicerie</b>                  |
|      | Interview Alain Welter               |
| S.28 | <b>Gustoso!</b> Rezepter aus Panama  |

## kuerz&knapp.

BLÉIEMOUNT №3·19

## Agenda

- |      |                    |
|------|--------------------|
| S.40 | <b>Mee • mai</b>   |
| S.43 | <b>Juni • juin</b> |

## Informatiounsblat

- |      |                         |
|------|-------------------------|
| S.47 | <b>Sitzung 15.02.19</b> |
| S.56 | <b>Sitzung 22.03.19</b> |



### **GEMENG SUESSEM**

60, rue de la Poste L-4477 Belvaux T (+352) 59 30 75 - 1  
mail@suessem.lu [www.suessem.lu](http://www.suessem.lu)  
[fb/gemengsuessem](https://facebook.com/gemengsuessem) [instagram/gemengsuessem](https://instagram.com/gemengsuessem)

### **IMPRESSUM**

Redaktioun & Konzezioun  
**Service des Relations publiques et de la Culture**  
Cover © Gemeng Suessem  
Iwwersetzung  
**Remo Ceccarelli & jpthilges/Hatari Publishing**  
**Stéckzuel 8.000 Exemplairen**  
**Bieles, Abrëll 2019**



© Service RPC

# VIRWUERT ÉDITORIAL


## Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

**LU** D'Fréijoer ass an der Bléi an d'Thema Ëmwelt hëlt och op kommunalem Plang eng wichteg Roll an. D'Ëmweltwoch "Stop Plastik!" huet den Nerv vun der Zäit grad esou gutt gerode wéi eis traditionell Botzaktiouen. Nieft ville weidere gréng Rendezvouse géife mir eis am Juni sécherlech och freeën, lech um *Summerfeeling*, op der *Nuit du Sport* a fir Nationalfeierdag begréissen ze kënnen. Donieft maache mir eis op d'Sich nom schéinst Gaart an eiser Gemeng. ¶ Gutt Noriichte ginn et och am Kader vun der Kulturhaaptstad 2022, wou de Bäitrag vun eiser Gemeng konkret Formen unhëlt. Am Interview mat der Kulturschäffin Simone Asselborn-Bintz gitt Dir gewuer, èm wéi eng spannend Projeten et sech dobäi handelt an natierlech och, wéi Dir lech aktiv um Kulturjoer bedelege kënnt. ¶ Wéi Dir villäicht schonns an de soziale Medien entdecke konnt, hu mir rezent eng Campagne mam Titel "Suessem, je t'aime – Eng Gemeng fir d'Liewen" lancéiert. Mir kenne mat Recht houfreg op eis Gemeng sinn, déi villes ze bidden huet, an op dësem Wee wëlle mir dëst positiivt Bild och no baussen droen. Fir mech perséinlech ass Suessem jiddefalls eng Härzensugeleeënheet an ech wënsche mir, dass Dir genau esou fillt.

Chères concitoyennes,  
chers concitoyens

**FR** Le respect de l'environnement est l'un des objectifs phares de notre commune. Le succès de la semaine de l'environnement ainsi que celui du rendez-vous annuel du grand nettoyage montrent que Sanem est en phase avec sa population. Cet été, nous poursuivrons nos efforts avec un concours couronnant le plus beau jardin dans notre commune, précédé du printemps avec la période traditionnelle des grandes fêtes populaires comme le *Summerfeeling* ou encore la *Fête nationale*. ¶ En outre, l'année culturelle 2022 semble enfin prendre de la vitesse et nous sommes prêts pour cette aventure captivante. Dans l'interview avec notre échevine de la culture Simone Asselborn-Bintz, vous pourriez non seulement découvrir les projets déjà envisagés, mais également apprendre comment vous engager dans ce contexte. ¶ Comme vous l'avez pu constater sur les réseaux sociaux, la Commune de Sanem vient de lancer une campagne d'image de marque titrée « *Suessem, je t'aime – Eng Gemeng fir d'Liewen* ». Notre commune présente de nombreux atouts dont nous pouvons être fiers et qui seront présentés au grand public. En ce qui me concerne, la Commune de Sanem est une affaire de cœur et j'espère que vous, chères concitoyennes, chers concitoyens, partagez ce sentiment.

Äre Buergermeeschter • Votre bourgmestre,  
**Georges Engel**



**7m × 7m × 28**

**Individuell Gäert** | Parcels de jardins

+ 11,28 a

**Gemeinschaftsfläch** | Espace commun

= 25 a

---

**Dimensiounen vum Matgesfeld**

Dimensions du Matgesfeld

# Flower Power.

## Gutt ze wëssen

**LU** Déi **28 privat Gäert am Matgesfeld**, déi vun den Awunner aus der Gemeng Suessem op 1 Joer gelount kënne ginn, sinn e Patchwork aus **Geméis, Blummen a Kraider**. Zur Anlag, déi integral Solarstrom notzt, gehéieren och eng Volière an e Beienhaus, an eng Zär fir Tomaten ass och geplant. D'Gäert gi mat Reewaasser genat, an d'Toilette um Site war déi éischt öffentlech zu Lëtzebuerg, déi ouni Waasser funktionéiert.

## Bon à savoir

**FR** Les **28 parcelles de jardin privé du Matgesfeld** sont attribuées pour une durée d'un an (renouvelable) aux citoyens de la Commune de Sanem qui assurent l'entretien de ce mosaïque de **légumes, de fleurs et d'herbes**. Le site s'alimente intégralement en énergie solaire et comprend e.a. une volière et un rucher d'abeilles, bien-tôt aussi une serre à tomates. Les jardins sont arrosés avec les eaux pluviales récupérées, et la toilette publique « sèche » fut la première en son genre au Luxembourg.

MÄERZ | MARS 2019

# Botzaktiouun

## Nettoyage nature

**MIR HALEN EIS  
GEMENG PROPPER**  
**LA PROPRETÉ DE NOTRE COMMUNE**  
**NOUS CONCERNE TOUS**

**LU** Um Samschdeg, 23. Mäerz 2019 war den traditionelle Rendez-vous, fir zesummen en Tour duerch d'Gemeng ze maachen an de Knascht anzesammelen. Eng sëlleche Fräiwölleger waren ém 10.00 Auer zu Bieles bei der Gemeng an och zu Éilereng beim Kulturschapp zesummekomm, fir duerno bei beschtem Wieder d'StroosSEN an d'WEEËR ofzetréppelen.

Bei der Arrivée ém 12.00 Auer beim CIPA "Résidence op der Waassertrap" um Belval waren d'Dreckstute gutt geféllt, an d'Participanten hu sech déi traditionell Zopp duerno gutt schmaache gelooss. De Schäfferot vun der Gemeng Suessem, de Service Écologique, d'Émweltkommissioun an d'Spullweenchen asbl soe villmools Merci fir den Engagement!

**FR** Le rendez-vous traditionnel pour faire le grand nettoyage était le samedi, 23 mars 2019. Beaucoup de volontaires s'étaient réunis vers 10h00 devant la commune à Belvaux et près du Kulturschapp à Ehlerange. Profitant du beau temps, ils ont parcouru les rues et les sentiers pour récupérer les ordures.

À l'arrivée vers 12h00 au CIPA « Résidence op der Waassertrap », les sacs-poubelle étaient bien remplis et les participants ont savouré la soupe traditionnelle. Le Collège des bourgmestre et échevins, le Service Écologique et la Spullweenchen asbl vous remercient pour votre engagement !



Entdeckt weider Fotoen  
 Plus de photos  
[www.suessem.lu/galerie-photos](http://www.suessem.lu/galerie-photos)



# Stop Plastik!

**ËMWELTWOCHEN**  
UNE SEMAINE DÉDIÉE À  
L'ENVIRONNEMENT

**LU** De Schäfferot, den Ëmweltservice, d'Ëmweltkommissioun an d'Klimateam aus der Gemeng Suessem hate vum 4. bis den 9. Mäerz 2019 Konferenzen a Workshopen organiséiert, fir op d'Problematik vum Eewee-Plastik opmierksam ze maachen. En europawäit Verbuet soll an 2 Joer a Kraakt trieden.

An der Ausstellung, déi eng ganz Woch laang fir de Public op war, krut een Alternative fir am Haushalt gewisen. D'Léierpersonal aus der Gemeng gouf och fir de Plastikproblem sensibiliséiert, an d'Veräiner krute Léisungen ouni Plastik beim Organiséiere vu Fester méi no bruecht, woubäi och all kéiers lieweg Diskussiounen zum Thema gefouert goufen.

En Highlight war d'Konferenz vum "monsieur zéro déchet" Jérémie Pichon, deen de 6. Mäerz 2019 vu senger eegener Erfarung gezielt huet. Hien a seng Famill hunn hiert Liewe virun e puer Joer komplett émgestallt a produzéiere bal keen Offall méi. Hien huet praktesch Tuyaue ginn, wéi jidderee vun eis mat klenge Gesten a Reflexer am Alldag eppes bewierke kann.



**FR** Du 4 au 9 mars 2019, le Collège de bourgmestre et échevins, le Service Écologique, la Commission de l'environnement et l'équipe climat de la Commune de Sanem avaient organisé des conférences et ateliers dans la lutte contre les plastiques à usage unique. La Commission européenne en a annoncé l'interdiction dans un délai de 2 ans.

Une exposition gravitait autour des alternatives concrètes pour éviter les plastiques dans la vie quotidienne. Les enseignants de la Commune de Sanem ont eu l'occasion d'étudier les mesures concrètes à prendre pour bannir les produits plastiques des cartables et de l'école en général, et les associations ont été éduquées en durabilité écologique en relation avec la gestion d'événements. La conférence de « monsieur zéro déchet » Jérémie Pichon le 6 mars 2019 était un point culminant de la programmation. Sa famille a adopté un autre mode de vie il y a quelques années et ne produit presque plus de déchets. Le public a eu de nombreux tuyaux pour réduire les emballages au quotidien avec des gestes et réflexes simples. o



**1 –** Um Enn vun der Botzaktioun waren all déi Bedeelegt houfreg

**2 –** De Gaston Anen huet Uweisunge virun der Gemeng zu Bieles ginn

**3 –** De Jérémie Pichon huet vu sengem "zéro déchet" Liewensstil erzielt

**4 –** Fir den Optakt vun den Ëmweltwoche war d'Ëmweltministesch Carole Dieschbourg op der Table Ronde





ESCH-SUR-ALZETTE  
EUROPEAN CAPITAL  
OF CULTURE

INTERVIEW SIMONE ASSELBORN-BINTZ

# “Suessen op der Landkaart méi visibel maachen”



— LU —

## Iwwert d'Startschwieregkeete vun Esch 2022 ass an der Vergaangenheet vill diskutéiert ginn. Sinn déi bedeelegt Acteure mëttlerweil all op enger Linn?

**SIMONE ASSELBORN-BINTZ** – Et ass effektiv schued, dass et an désem Dossier am Ufank zu ville Mëssverständnesser koum, déi dann och nach op der Place publique ausgedroe goufen. Ech sinn awer grondsätzlech e positive Mensch an der fester Iwwerzeugung, dass sech Esch 2022 elo an déi richteg Richtung beweegt an all d'Acteuren och un engem Strang zéien. 2022 kléngt villäicht nach wäit ewech, mee et dierf elo keng Zäit méi verluer goen. Mir als Gemeng Suessem si jiddefalls prett dës spannend Aventure unzegoen. Dofir hate mir och de 4. Abrëll op eng Versammlung invitéiert, wou mir eis Bierger a Veräiner iwwert d'Kulturjoer an d'Roll vun der Gemeng Suessem informéiert hunn.

## D'Gemeng Suessem hat als eng vun deenen éischte Gemengen hir fest Zouso ginn. War de Schäfferot vun Ufank u vum Projet iwwerzeeght?

**S. A.-B.** – Fir eis war et vun Ufank u ganz kloer, dass mir als Gemeng Suessem bei désem Projet wéilten dobäi sinn. Dat huet de Schäfferot schonns an deenen alleréischt Reuniounen zu désem Thema ze Verstoe ginn. D'Vergaangenheet huet oft genuch ge-

## Dat grousst Thema vum Kulturjoer ass de “Remix”. Wat kann ee sech konkret dorënner virstellen?

**S. A.-B.** – D'Thema ass natierlech bewosst breet gefächert an dat ass och gutt esou. Mat Remix Europe, Art, Nature a Yourself ginn et véier Énnerkategorien, an där jidderee sech sécherlech iergendwou erëm fanne kann. Ech denken, dass et e ganz passend Thema fir eis Regioun ass, déi an engem permanente Wandel ass. Sief dat duerch d'Ännere vun der industrieller Landschaft, der Méisproochegkeet, der Digitalisatioun oder och der multikultureller Gesellschaft. De Remix ass elo schonns matten énnert eis a kann donieft och als Katalysator fir Onmëgleches ze woe geduecht sinn.

## Ass scho gewosst, wéi Suessem sech an deem “Remix” erëm fanne wäert? An enger éischter Phase war eiser Gemeng jo d'Thema “Gaardekultur” zougedeelt ginn.

**S. A.-B.** – De Wunsch vun de Responsabele vun Esch 2022 ass deen, dass all Gemeng probéiert sech op een Thema ze fokusséieren, souzesoen ee lokale Schwéierpunkt schaft. D'Gemeng Suessem gesät sech mat deene ville gréngen Oasen och ganz gutt als Vertrieder vum “Remix Nature”, et wäert awer sécher net eksklusiv ém d'Gaardekultur goen. Natierlech ginn et Iwwerleeunge fir den Urban gardening, an an deem Zesummenhang selbstverständliche och d'Gemeinschaftsgäert am Bieleser Matgesfeld oder zu Suessem, anzebannen. Wéi dat am Detail wäert ausgesinn, si mir awer nach am Gaangen auszeschaffen.

## Huet d'Gemeng momentan schonns Projeten am Kapp fir d'Kulturjoer?

**S. A.-B.** – Jo, et ass esou, dass mir als Gemeng Suessem zur Zäit zwee Projeten am A hunn, déi mir konkret virundreiwen. Dat ass engersäits déi spannend Geschicht vun der Source Belval, déi ganz vill Leit leider net méi kennen. Op hirem Héichpunkt ufanks vum 20. Joerhonnert si knapps 2 Millioune Fläsche mam Waasser vun der Source an d'ganz Welt exportéiert ginn. Eisen Dram wier et d'Source, déi am Häerz vum neie Quartier Belval entspréngt, erëm fräi ze leeën. Ob dat a Verbindung mat engem Konschtwierk wäert sinn oder ob een dat Waasser eventuell souguer erëm kon-somméiere kann, si mir am Gaangen ze préiwen.



wisen, dass eng europäesch Kulturhaaptstad eng enorm grouss Chance fir eng ganz Regioun ka sinn, an déi Chance wëlle mir eis op kee Fall entgoe loossen. Obschonns d'Kultur haut schonns een héije Stellewäert an eiser Gemeng genéisst, sou kënne mir eis duerch d'Kulturjoer nach méi op déi national Landkaart setzen.

Eng weider Piste, där mir no ginn, ass déi vun engem méigleche Sentier historique zu Bieles an der Rue Wénschel Richtung Gaalgebierg. D'Iddi wier och do, dee fréiere Wee, op deem d'Schlake vum Gaalgebierg erof transportéiert goufen, erëm énnert enger kënschtlerescher Form opliewen ze loossen.



## Ginn et weider Projete vun eenzelne Bierger oder Veräiner, iwwert déi d'Gemeng Bescheed weess?

S. A.-B. – Mir wëssen effektiv vun zwee Projeten, déi a Beweegung sinn. D'Theaterpädagogin Mirka Costanzi schafft zesumme mat de Geschichtsfrénn aus eiser Gemeng un engem Projet, dee sech mat der Seeche vum Zolwerknapp beschäftegt. Donieft wësse mir, dass d'Zolwer Musek, am Kader vum Zolwer Maart 2022, ee Street-Noise-Festival organiséiere wëll.

## Wéi muss ee sech uleeën, wann een als Privatpersoun oder Veränne Projekt realiséiere wëll? Kann een an deem Fall och un d'Gemeng eruntrieben?

S. A.-B. – Deen einfachsten a séierste Wee ass deen iwwert den Onlineportaal [www.esch2022.lu](http://www.esch2022.lu). Op der Plattform kann ee säi Projet Schrëtt fir Schrëtt online erareechen. Dono entscheet dann een onofhängege Jury, ob dee Projet ugeholl gëtt a wéivill finanziell Ënnerstëtzung ee kritt (maximal bis zu 50% vun de Projektkäschten).

Mir wieren als Gemeng awer ganz frou, wa mir wéisste wéi eng Projete vun eise Bierger, Veräiner a Kollektiver énnerwee sinn. Sou kënne mir Synergië schafen an och een deen aneren énnerstëtzen. Finanziell kënnen a wëlle le mir natierlech keng Versprieche maachen, mee logisteschesch sti sämtlech Diere bei eis op. Wann dir eegen Iddien hutt oder bei Projete matschaffe wëllt, dann zéckt net a melt iech bei eisem Service des Relations publiques et de la Culture.

## Egoistesch gekuckt, wat erwaart d'Gemeng Suessem sech vum Kulturjoer 2022?

S. A.-B. – Ech perséinlech erhoffe mir vun Esch 2022, dass d'Gemeng Suessem op der nationaler Landkaart nach méi visibel gëtt. Momentan wëssen d'Leit villäicht, wou den Zolwerknapp ass a wéi d'Suessem Schlass ausgesäit. 2022 ass déi grouss Chance fir eis fir z.B. och den Artikuss, den Éilerenger Kulturschapp oder och d'Matgesfeld engem méi breede Public bekannt ze maachen. Donieft géif et mat der Source Belval an dem Sentier historique och touristesch Retombéeë ginn.

## Wéi gesäit et èm d'Suessem Schlass aus? Wäert sech an deem Dossier eppes fir d'Kulturjoer doen?

S. A.-B. – Mir hoffe ganz staark, dass sech an deem Dossier eppes fir 2022 beweegt. D'Suessem Schlass läit eis allegueren um Härz an et wier schued, wann dee Patrimoine géif brooch leie bleiwen. Um Beispill vun der Escher Gebléishal konnt ee rezent gesinn, wéi séier et goe kann, wann déi richteg Hielen a Beweegung gesat ginn. Eise Buergermeeschter huet an deem Kontext och eng Question parlementaire eragereecht fir dëst Thema an der Aktualitéit ze halen. Mir kënne jiddefalls verspriechen, dass mir als Schäfferot un dësem Dossier dru bleiwen.

— FR —

## Par le passé, il a beaucoup été question des difficultés initiales d'Esch 2022 ; est-ce qu'entretemps les intervenants sont tous au diapason ?

S. A.-B. – Dommage en effet que ce dossier ait connu des malentendus de lancement, qui se sont ensuite répercutés sur la place publique. Mais je suis fondamentalement quelqu'un de positif et j'ai désormais la conviction qu'Esch 2022 est sur le bon chemin et que l'ensemble des intervenants agissent de concert. 2022 peut paraître une échéance lointaine, mais il ne faut plus perdre de temps. En tout cas, en tant que Commune de Sanem, nous sommes prêts pour cette aventure captivante. Voilà pourquoi, le 4 avril, nous avons convié les habitants et associations de notre territoire à une réunion d'information sur l'année de la culture et le rôle de notre commune.

## La Commune de Sanem a été parmi les premières à se rallier formellement au projet. Le Collège des bourgmestre et échevins était-il acquis d'avance ?

S. A.-B. – Il était clair dès le début que nous allions être de l'aventure en tant que Commune de Sanem. Le Collège des bourgmestre et échevins l'avait laissé entendre dès les toutes premières réunions concernant ce sujet. Le passé a

démontré que le label Capitale européenne de la culture peut représenter une énorme opportunité pour toute une région, à nous de la saisir. Même si la culture occupe déjà une position de choix dans notre commune, nous pouvons nous positionner encore mieux au niveau national grâce à l'année de la culture.

## Le grand thème d'Esch 2022 est le « Remix ». Que faut-il entendre concrètement par ce terme ?

S. A.-B. – Naturellement, le thème ratisse large et c'est très bien. À travers les quatre sous-domaines Remix Europe, Art, Nature et Yourself, tout le monde pourra certainement y trouver son compte. Je pense que ce thème est très approprié à une région en mutation permanente comme la nôtre. Que ce soit lié au changement du paysage industriel, au multilinguisme, à la digitalisation ou encore à la société multiculturelle. Le Remix est donc déjà parmi nous et peut également fonctionner comme un catalyseur pour oser l'impossible.

## Comment notre commune va-t-elle se situer par rapport à ce « Remix », vu que dans un premier temps on lui avait attribué le thème « L'Art du jardinage » ?

S. A.-B. – Les responsables d'Esch 2022 ont souhaité que chaque commune se concentre sur un thème bien précis afin de créer un point fort local, si on veut. Avec ses nom-

**“... du point de vue logistique, toutes nos portes sont ouvertes.**

—SIMONE ASSELBORN-BINTZ

breuses aires vertes, il est... naturel que Sanem se sente un représentant du « Remix Nature », mais nous ne comptons pas nous limiter à l'Art du jardinage. Nous réfléchissons bien-sûr à l'Urban gardening et nous allons inclure à cette réflexion les jardins communs comme ceux du Matgesfeld de Belvaux ou encore ceux de Sanem. Les détails sont en pleine élaboration.

## La commune a-t-elle déjà des projets en vue de l'année de la culture ?

S. A.-B. – Oui, nous travaillons concrètement sur deux projets. D'un côté, il y a la passionnante histoire de la Source Belval, que peu de gens connaissent encore, malheureusement. À son apogée au début du 20e siècle, environ deux millions de bouteilles d'eau de cette source étaient exportées annuellement un peu partout dans le monde. Notre rêve est de libérer à nouveau cette source sise au milieu du nouveau Quartier Belval. Nous sommes en train d'évaluer si cela sera lié à une œuvre d'art ou si on pourra éventuellement même reconsumer l'eau de cette source.

L'autre piste que nous suivons est celle d'un possible sentier historique à Belvaux, plus précisément dans la rue Wönschel en direction du Gaalgebierg. Là encore, l'idée serait de faire revivre sous une forme plus artistique le chemin par lequel on évacuait les scories du temps de la sidérurgie.

Den Interessi war grouss op der Informatiounsversammlung zum Kulturjoer



## Y a-t-il d'autres projets individuels ou associatifs dont la commune aurait eu vent ?

S. A.-B. – Nous avons effectivement connaissance de deux projets en cours. La pédagogue de théâtre Mirka Costanzi travaille avec les Amis de l'Histoire de notre commune à un projet concernant les légendes du Zolwerknapp. Par ailleurs, nous savons que l'Harmonie de Soleuvre souhaite organiser un Street-Noise-Festival dans le cadre du Zolwer Maart 2022 (Marché de Soleuvre 2022).

## Comment s'y prendre pour réaliser un projet en tant que particulier ou association ? Peut-on approcher la commune dans ce but ?

S. A.-B. – La voie la plus simple et la plus sûre passe par le portail en ligne [www.esch2022.lu](http://www.esch2022.lu). Sur cette plateforme, tout le monde peut introduire son projet au fur et à mesure de son avancement. Un

jury indépendant décidera ensuite s'il sera retenu et, le cas échéant, à quelle hauteur il sera cofinancé, en considérant que cela peut atteindre jusqu'à 50% des coûts du projet.

La Commune de Sanem serait naturellement heureuse de prendre connaissance des projets en cours émanant des habitants, collectifs et associations de son territoire, afin de créer des synergies et un soutien mutuel. Nous ne voulons et ne pouvons bien entendu pas prendre d'engagements financiers fermes, mais du point de vue logistique, toutes nos portes sont ouvertes. Si vous avez des idées ou si vous aimeriez vous engager dans un projet, n'hésitez pas à contacter notre Service des Relations publiques et de la Culture.

## À quelles retombées s'attend Sanem du projet de la Capitale européenne de la culture 2022 d'un point de vue strictement égoïste ?

S. A.-B. – Personnellement, j'espère qu'Esch 2022 apportera une meilleure visibilité nationale à Sanem. Actuellement, les gens situent environ le Zolwerknapp ou connaissent au mieux le Château de Sanem. Esch 2022 représente notre chance pour faire découvrir au grand public l'Artikuss, le Kulturschapp d'Ehlerange ou encore le Matgesfeld. Il faudra également s'attendre à des retombées touristiques à travers la Source Belval et le sentier historique.

## À propos, où en est le dossier concernant le Château de Sanem ? Le projet Esch 2022 va-t-il faire bouger les lignes ?

S. A.-B. – Nous espérons fortement que quelque chose se fera à l'horizon 2022. Le Château de Sanem nous tient à cœur et il serait dommage de laisser un tel patrimoine en friche. À l'exemple du hall des soufflantes d'Esch, il est facile de mesurer la vitesse à laquelle les choses peuvent évoluer à condition d'actionner le levier approprié. Dans ce contexte, notre bourgmestre a introduit une question parlementaire afin de garder toute son actualité au problème. Je peux garantir que le Collège des bourgmestre et échevins ne perdra pas de vue ce dossier.



Reecht Äre Projet eran  
Déposez votre projet  
[www.esch2022.lu](http://www.esch2022.lu)



**LU** Op senger Generalversammlung e Méinden, den 18. Mäerz 2019 huet de Veräin "Gemeng Suessem helleft" de Bilan vum leschte Joer gezunn. Amplaz vun engem groussen Event wéi dem "Promiquiz", goufen e puer méi kleng Manifestatiounen organiséiert. Zum Beispill huet d'asbl um "Summerfeeling" an um "Zolwer Maart" deelgeholl. Fir 2019 steet eng Sammelaktioun vu Schoulmaterial a Bicher um Programm. Dës Collecte soll e Samschden, de 6.Juli 2019 an Zesummenaarbecht mat den „Amis de la fleur“ am Matgesfeld zu Bieles stattfannen.

"Gemeng Suessem helleft" ass eng Associatioun déi 2010 gegrënnt ginn ass. Eng Rei Leit, déi am soziale Liewe vun eiser Gemeng engagéiert sinn, hunn de Besoin erkannt sech fir déi humanitär Entwécklung vun aarme Géigenden anzesetzen an dat duerch d'Ënnerstëtzung vun Initiativen op kommunaler an nationaler Basis, mee besonnesch och vu Projeten, déi fir verbessert a mënschewierdeg Strukturen an deenen Deeler vun eiser Welt stinn.

# GEMENG SUESSEM HELLEFT



De Comité vun der asbl

Lëtzebuerger Cooperatiounsministère eng Rei Schoulen zäitgeméiss renovéiert resp. vergréissert. Mat der Ënnerstëtzung vun GSH gëtt eng länger Schoulzäit erméiglecht, d'Schoulsäll ginn adäquat ageriicht, déi hygiènesch Konditiounen gi verbessert, déi nei Technologien agefouert an déi entsprielchend Formationen vun den Enseignante garantéiert. Fir dës Ziler ze realiséieren ass d'Associatioun "Gemeng Suessem helleft asbl" op Done vu Veräiner a vu Privatleit aus eiser Gemeng ugewisent.

Als éischt Initiativ gouf e gemeinsame Projet mat „Beetebuerg helleft ONG“ um Cap Vert émgesat. D'Zesummenaarbecht mat enger ONG an engem sou genannte „Projektland“ vum Cooperatiounsministère erméiglecht, déi gesammelt Gelder ém dat Dräifach z'erhéijen. **Fir 1 € vu GSH gëtt de Ministère 2 € bái!**

Op der wéineg entwéckelter kapverdianischer Vulkaninsel Fogo mat 40.000 Awunner gi schoulesch Infrastrukture verbessert, vun deenen ém déi 4.000 Schüler profitéieren. An engem zweete Projet goung et ém proppert Drénkwaasser fir 57 Uertschafte mat 3.736 Awunner.

D'Entwécklung vun der Inselrepublik Cap Vert ass eng permanent Erausfuerderung. Déi néng bewunnten isoléiert Vulkaninsele leiden énnert der Dréchent, si hu wéineg Agrarland a keng Buedemschätz a sinn doduerch gréissendeels op den Import an op d'Emigratioun ugewisent. Ongeféier 10.000 Kapverdianer liewen an eisem Land. Well et bei hinnen un natierleche Ressourcë feelt, ass et émsou méi wichteg, op der Plaz déi mënschlech Ressourcen ze valoriséieren.

D'Jugend gëllt allgemeng als d'Zukunft vun engem Land. Fir deene Jonken eng Chance ze ginn, hier Land weiderzebréngen, musse si an éischter Linn eng zolidd schoulesch Ausbildung kréien. GSH huet dee Volet opgegraff an am Laf vun de leschte Jore mat Hëlf vun den Donen an der finanzieller Ënnerstëtzung vum

**D'Gemeng Suessem steiert all Joer 1 € pro Awunner bäi.**

**All Bierger kann als Member-Donateur sain Deel zu dësen humanitären Aktioune bädroe mat engem Virement vun 10€ (oder méi) op de Konto BCEE: LU45 0019 3255 8823 5000**

Wie sech perséinlech engagéiere wëll, ka Member vun der asbl ginn, sech dem parteipolitesch neutrale Comité uschléissen oder einfach onverbindlech bei eenzelen Aktioune vu GSH mathëllefen. Mellt lech perséinlech iwwert Mail oder schwätzzt eis bei Geleeënheet un.

**FR** Lors de son assemblée générale en date du lundi, 18 mars 2019, l'association « Gemeng Suessem hëlleft » a tiré le bilan de l'année passée. Au lieu d'un événement de grande envergure comme le « Promiquiz », plusieurs petites manifestations ont été organisées. Par exemple, l'asbl a participé au « Summerfeeling » et au « Zolwer Maart ». Pour 2019, une campagne de collecte de matériel scolaire et de livres est prévue. Cet événement aura lieu le samedi, le 6 juin 2019 en collaboration avec les « Amis de la fleur » au Matgesfeld à Belvaux.

L'association « Gemeng Suessem hëlleft » fut fondée en 2010. Des personnes impliquées dans la vie sociale de la commune ont ressenti le besoin de s'engager pour le développement humanitaire de régions pauvres en soutenant des initiatives aux niveaux communal et national, et plus particulièrement des projets visant à améliorer et à rendre plus humaines les structures dans ces régions du monde.

La première initiative fut la mise en place d'un projet commun au Cap-Vert avec « Beetebuerg hëlleft ONG ». La collaboration avec une ONG dans un « pays à projets » du Ministère de la Coopération permet de tripler les sommes récoltées. **Pour 1 € versé par « Gemeng Suessem hëlleft asbl », le ministère verse 2 € supplémentaires !**

Sur l'île volcanique de Fogo, une île peu développée avec 40.000 habitants et localisée dans l'archipel du Cap-Vert, près de 4.000 élèves bénéficient de l'amélioration des infrastructures scolaires. Un deuxième projet concerne l'accès à l'eau potable pour 57 localités avec 3.736 habitants.

Le développement de la République du Cap-Vert constitue un défi permanent. Cet archipel compte 9 îles volcaniques habitées mais isolées. Celles-ci souffrent de sécheresse et disposent de peu de terres agricoles ou de ressources dans les sols. Elles dépendent principalement de l'importation de biens et de l'émigration. Environ 10.000 Cap-Verdiens vivent dans notre pays. Compte

tenu du manque de ressources naturelles, il est d'autant plus important de valoriser les ressources humaines sur place.

D'une manière générale, la jeunesse représente l'avenir d'un pays. Cependant, pour que les jeunes aient une chance de faire avancer le pays, il est primordial qu'ils bénéficient d'une formation solide. « Gemeng Suessem hëlleft asbl » s'est penchée sur ce volet. C'est ainsi qu'au cours de ces derniers années, grâce aux dons et au soutien du Ministère de la Coopération luxembourgeois, beaucoup d'écoles ont pu être rénovées, voire agrandies.

Le soutien de GSH permet de prolonger la scolarisation, d'aménager de façon adéquate les salles de classe, d'améliorer les conditions d'hygiène, d'introduire les nouvelles technologies et de garantir une formation appropriée.

Pour réaliser ces objectifs, l'association « Gemeng Suessem hëlleft asbl » dépend des dons d'autres associations et de particuliers de la commune.


**La Commune de Sanem contribue à raison de 1 € par habitant.**

**En tant que membre donneur, tout citoyen peut soutenir les actions humanitaires en virant 10 € (ou plus) sur le compte de la BCEE: LU45 0019 3255 8823 5000**

Quiconque souhaite s'engager personnellement peut devenir membre de l'asbl, rejoindre le comité politique neutre ou collaborer sans engagement à des actions organisées par « Gemeng Suessem hëlleft asbl ». Contactez-nous par courriel ou parlez-nous en à l'occasion.

Les enfants du Cap-Vert vous remercient pour votre engagement







**LU** De Serge Tonnar sicht èmmer d'Konfrontatioun mam Public, an zwar egal ob et an enger Karawann, am Bopebistro oder an der Philharmonie ass. Dobäi ass et grad hien, deen de Leit de Spigel virun d'Nues hält an och emol onbequem Themen uschwätzt. Wien de Museker als Kregéiler ofstempelt, huet awer e verzerrte Bléck op säi Wierk.

**"Roserei ass och eng Form vu Léift, well et kann ee just rose si mat engem oder wéinst eppes, wat ee gär huet. Dat wat engem egal ass, mécht een och net rosen. Et schéngt mer awer méi schwéier ze sinn iwwert d'Léift ze schreiwen, wéi iwwert eppes, wat een opreegt, well d'Wieder iwwert d'Léift kriddeleg sinn, a ganz schnell a bedeitungslose Schmalz ofrutsche können."**

Am Oktober ass eng Tournée duerch Kierche geplant, fir déi extra en Dammechouer zesummegestallt a Stécker nei arrangéiert goufen. Da kënnnt och en Album mat Reprises an eng weider LP mat Lëtzebuerger Klassiker aus dem 19. Joerhonnert. Den aktuelle Repertoire gëtt de Museksfrénn an allen Ecker vum Land an déser Festival-Saison présentiert. Am Quartett ronderém de Rom Christnach, Eric Falchero, Misch Feinen a Serge Tonnar huet jidderee seng Plaz a seng Roll, an d'Harmonie, déi d'Band elo scho jorelaang zesummenhält, weist sech an der Spillfreed, déi sech op de Public iwwerdréit.

**"Mir maache fir all Concert eng Setlëscht, déi eng Dramaturgie huet, déi der Plaz ugepasst ass wou mer spinnen, grad wéi d'Wiel vun den Instrumenter, méi oder manner akustesch. 'Live' kënn vu 'Liewen', an op der Bühn sinn ech dem Liewen am Noosten. All Concert an all Publikum ass anesch, dat Schéinst ass wann de Moment bis kënnnt, wou een zesummen do ass, wou eng Harmonie tësch Band a Publikum entsteet. Wann een esou zesumme vibréiert, verschwénnt jidderengem sain Ego, an et kann ee sech ganz opginn."**

**DE SERGE TONNAR A LEGOTRIP TRIEDEN DE MÉINDEN, 10. JUNI 2019 NOMËTTES UM SUMMERFEELING VIRUN DER KULISS VUM SUESSEMER SCHLASS OP.**

**FR** Il y a très peu d'artistes dans ce pays qui, au fil des ans, ont autant cherché la confrontation avec le public que Serge Tonnar, tout en se faisant entendre - que ce soit en caravane, au bistrot des pépés (Bopebistro) ou à la Philharmonie. C'est pourtant lui qui met son public face à un miroir et qui s'attaque régulièrement à des thématiques qui dérangent. Mais ceux qui désignent le musicien uniquement comme un querelleur, ont une image faussée de son œuvre.

**« La colère est aussi une forme d'amour, car on ne peut se fâcher de quelqu'un ou de quelque chose que si on l'aime. Les choses dont on se fout ne vous mettent pas en colère. Il m'est plus difficile d'écrire sur l'amour que sur quelque chose qui me fâche, les mots sur l'amour sont délicats et peuvent rapidement s'avérer sirupeux et insignifiants. »**

Il prépare une tournée à travers des églises, projet pour lequel il a formé un chœur féminin et réarrangé certaines chansons. Il sortira également un album avec des reprises et un autre avec des classiques luxembourgeois du 19ième siècle. Son répertoire actuel est pourtant assez grand pour attirer les amateurs de musique des quatre coins du pays lors de la prochaine saison des festivals. Au sein du quatuor formé par Rom Christnach, Eric Falchero, Misch Feinen et Serge Tonnar, chacun à sa place et son rôle spécifique, et l'harmonie qui soude le groupe depuis des années est illustré par un réel plaisir de jouer de la musique pour un public qui ne demande pas mieux que de se laisser envouter.

**« Pour chaque concert, nous préparons une setlist qui a une dramaturgie propre au lieu où nous jouons, tout comme le choix des instruments plus ou moins acoustiques que nous utilisons. Le terme «live» s'apparente au mot «vie», sur scène, je me sens au plus près de la vie. Chaque concert et chaque public sont différents, et le plus beau moment arrive quand on se retrouve en parfaite harmonie entre l'orchestre et le public. Lorsque tout le monde vibre sur la même longueur d'onde, les égos personnels disparaissent et on peut se laisser aller. »**

**SERGE TONNAR ET LEGOTRIP SE PRODUIRONT L'APRÈS-MIDI DU 10 JUIN 2019 AU SUMMERFEELING, DEVANT LA COULISSE IMPOSANTE DU CHÂTEAU DE SANEM.**



SCHLASS  
SUESSEM

SAMSCHDEN • SAMEDI

08

11H00 – 19H00

SONNDEN • DIMANCHE

09

14H00 – 22H00

MÉINDEN • LUNDI

10

11H00 – 19H00

Sommer  
Feeling

CONCERT

AUSSTELLUNG

GAART

MARCHÉ SOLIDAIRE

# SUESSEM, JE T'AIME

- Eng Gemeng fir d'Liewen -



**LU** Déi nei Imagecampagne **“Suessem, je t'aime”** ass de 25. Mäerz 2019 virgestallt ginn an de Slogan ass keen eidelt Versprechen. De Blog mam selwechten Numm weist, wat d'Gemeng an hirem Häerz esou eenzegaarteg mécht.

Jidderee fénnt bei eis dat, wat e sicht. Dat gëllt fir déi ganz Kleng a fir déi Jugendlech, déi hei vun de Schoule bis bei d'Fräizäitaktivitéiten den ideale Kader fannen. Dat gëllt fir déi Erwuessen, déi hei berufflech Perspektiven hunn a kulturell verwinnt ginn. Dat gëllt fir déi eeler Generatiounen, déi hei wäit ewech vum Groussstad-Stress sinn, an awer alles no bei Hand hunn, wat si brauchen. Dat gëllt fir jiddereen, deen d'Natur gären huet.

Suessem, dat ass eng Gemeng fir d'Liewen. Seng verschidde Gesiichter kréie vun elo un op der Internetsäit [www.suessemjetaime.lu](http://www.suessemjetaime.lu) mat Artikelen, Fotoen a Videoe Kontur an hir Awunner, hir éffentlech Perséinlechkeeten an d'Leit, déi all Dag op Suessem schaffe kommen, hunn domat eng Plattform.

Entdeckt duerch authentesch a spannend Geschichten déi verstoppte Schätz vun deene véier Uertschafte Bieles, Éiereng, Suessem an Zolwer. Wéi eng gréisser Fester stinn deemnächst un, wéi eng Ausflich loun sech an der Famill oder mat Frénn, wéi eng Handwierker a Geschäfter ginn et an der Gemeng, a wéi eng Erausfuerderunge kommen op Suessem an Zukunft duer? Um Blog “Suessem, je t'aime” an um Instagram Profil @gemengsuessem gitt Dir et gewuer!

**FR** La nouvelle campagne image de marque «Suessem, je t'aime» a été dévoilée le lundi 25 mars 2019 et la signature n'est pas une vain promesse. Le blog du même nom montre ce qui fait battre le cœur de la Commune de Sanem, en mettant en valeur son charme et ses atouts.

Avec tant à offrir, la commune attire une population très variée. Les enfants et les jeunes bénéficient des bonnes infrastructures scolaires, et d'un buffet de loisirs très diversifié. Les adultes ont beaucoup de perspectives professionnelles à proximité et profitent d'une ample offre culturelle. Le fait d'être loin de l'agitation urbaine, mais proche de tout ce qui est essentiel est un atout majeur pour les seniors. Sans oublier les possibilités multiples pour découvrir la région côté nature.

Sanem, c'est une commune pour la vie. A travers des articles, vidéos et web-series authentiques, il s'agit de montrer les différents aspects d'une commune active sur [www.suessemjetaime.lu](http://www.suessemjetaime.lu) et, à l'aide des habitants, des personnages publics et des gens qui travaillent ici, de sculpter le visage d'une communauté très diversifiée.

Vous découvrirez les nombreux secrets des quatre localités Belvaux, Ehlerange, Sanem et Soleuvre. Vous saurez tout sur les manifestations organisées, les sorties originales à faire en famille ou entre amis, le savoir-faire des artisans et commerçants, les défis auxquels est confrontée la commune. (Re)tombez amoureux de la commune avec le blog « Suessem, je t'aime » et sur le profil Instagram @gemengsuessem !



D'Gesicht vun der Campagne mam Häerz





De Graffiti-Kënschtler **Alain Welter** hat aus de Fassaden am Duerf Koler an der Gemeng Garnech énner dem Titel "**Make Koler Kooler**" Konschtwierker gemaach. Hien huet am Mäerz och der "**Eis Epicerie**" zu Zolwer op 2, rue du Knapp säi Stempel opgedréckt. Duerch d'Architektur vum Gebai mat de ville Fënssteren huet sech eng Opdeelung a Këschten opgedrängt. De vill gefroten Artist huet sech och hei während der Aarbecht inspiréiere gelooss.

**“Eréischt nom Aarbechtsprozess gëtt engem bewosst, firwat een eppes op eng bestëmmte Manéier gemaach huet. Et muss een èmmer op der Plaz selwer kucken, an da kommen engem och Iddien, respektiv no enger Nuecht Schlof. Et gëtt vill Saachen, déi mech inspiréieren. Wann ech Musek héieren oder bestëmmten Textzeilen, da kënnt mir ee Bild dozou an de Kapp. Meng Inspiratioun kann awer och vun der Aktualitéit kommen.”**

Och wann d'Mauer vun der Epicerie vill Faarf absorbéiert huet an d'Nacelle heiansdo net esou wollt wéi geduecht, sou kann den Alain Welter praktesch näischt méi aus der Bunn geheien. Säi Verständnis fir Proportiounen a Volummen huet sech och weiderentwéckelt. Doudurch gi seng Wierker èmmer méi komplex.

**“Déi éischt Mauer, déi ech virun zwee Joer zu Koler geomoolt hunn, war an deem hei-te Stil. Reng illustrativ sinn d'Saachen elo vill méi detail-léiert ginn. Ech schaffen och méi effikass. Ech benotzen zum Beispill ewell eng Setzwo mat Tape, sou dass ech riicht**

**Linne kréie wann ech einfach driwwer sprayen. D'Technik ass méi elaboréiert.”**

Déi nei Fassad vun der "Eis Epicerie" ass en erfrëschend faarwegen Eyecatcher zu Zolwer, mat där den Alain Welter et fäerdeg bruecht huet, d'Banneliewen op eng kreativ Manéier no bausen ze kéieren.

**FR** L'artiste graffeur **Alain Welter** a transformé les façades du village de Kahler (lux: Koler), dans la commune de Garnich, en œuvres d'art sous le titre de « **Make Koler Kooler** ». En mars 2019, il a marqué de son empreinte « **Eis Epicerie** » au 2, rue du Knapp à Soleuvre. L'architecture du bâtiment, avec ses nombreuses fenêtres, a pratiquement imposé cette subdivision en « cageots ». L'artiste très recherché s'est aussi laissé inspirer pendant son travail.

**« Ce n'est que pendant le travail que l'on se rend compte pourquoi on fait quelque chose d'une certaine manière. Il faut toujours aller voir sur place, c'est à ce moment que les idées vous viennent, respectivement après une bonne nuit de sommeil. Il y a beaucoup d'éléments qui m'inspirent. Quand j'écoute de la musique ou que j'entends certains textes, une image se forme dans ma tête. Mais mon inspiration peut également se nourrir de l'actualité. »**

Même si les murs de l'épicerie ont absorbé énormément de peinture et même si la nacelle a parfois fait des siennes, rien n'a pu dévier Alain Welter de son cap. Sa perception des proportions et des vo-

lumes s'est également développée. C'est pourquoi ses œuvres sont de plus en plus complexes.

**« Le premier mur que j'ai peint à Kahler, il y a deux ans, était du même genre que celui-ci. D'un point de vue illustratif, mon travail est devenu nettement plus détaillé. »**



**Je travaille aussi d'une manière plus efficace. Par exemple, j'utilise dorénavant un niveau et du scotch, pour obtenir des lignes parfaitement droites en vaporisant dessus. Ma technique est plus élaborée. »**

La nouvelle façade très espiègle de « **Eis Epicerie** » attire désormais les regards à Soleuvre. Alain Welter a réussi d'une manière créatrice à extérioriser la vie intérieure du bâtiment.

◦





D'Fassad vun der épicerie solidaire ass elo e richtegen "Eyecatcher"

## INTERVIEW ALAIN WELTER



Weltfraendag

# ALL STËMM ZIELT CHAQUE VOIX COMpte



**LU** Am Kader vum Weltfraendag war de Méindeg, 25. Mäerz 2019 "A Gadder" eng Konferenz vun der Chanegläichheetkommissiou vun der Suessem Gemeng iwwert 100 Joer Fraewahlrecht zu Lëtzebuerg. D'Historikerin Renée Wagener huet an hirem Virtrag de Bou vum 19te Jorhonnert bis an d'Zäit no der russescher Revolutioun vun 1917 gespaant. Et gouf däitlech, dass et e laange Wee war vum Wahlprivileg fir verméigend Männer bis bei d'Gläichstellung vun alle lëtzebuergerischen Erwuessen, wat déi politesch Rechter ugeet. Duerno gouf et eng lieweg Diskussioun zum Thema mat alle Participanten an d'Irina Holzinger huet fir de musikaleschen Encadrement gesuerget.

**FR** Le 25 mars 2019, en commémoration de la journée internationale de la femme, la Commission de l'Égalité des chances et Diversité de la Commune de Sanem avait invité à une conférence sur les 100 ans du droit de vote des femmes au Luxembourg. Passant en revue la période décisive s'étendant du 18e siècle jusqu'aux séquelles de la révolution russe de 1917, l'historienne Renée Wagener a illustré le long chemin qui a finalement abouti à l'égalité de tous les adultes luxembourgeois quant aux droits politiques. Une discussion animée avec tous les participants s'en est suivie et Irina Holzinger a assuré l'encadrement musical. ◦



**1** – D'Renée Wagener huet den Historique vum Fraewahlrecht zu Lëtzebuerg presentéiert

**2** – D'Irina Holzinger huet de Virtrag an d'Diskussioun mat akustescher Musek ofgerént

**3** – Iwverreechung vun de Cadeauen am Foyer "Dicksopp"

**4** – Handgemaachten Unikater vun den "Button Quilters"

# BUTTON QUILTERS



3



4

**LU** Dënschdes, de 26. Mäerz 2019 hunn d'Babyen aus dem Foyer "Dickskopp" vum Suessem Verän "Button Quilters" zesumme mat der Integratiounskommissioun vun der Gemeng 10 selwer gebitzten Patchwork-Decken an "Sorgenfresser" geschenkt kritt.

**FR** Mardi, le 26 mars 2019, les bébés du Foyer « Dickskopp » ont reçu 10 couvertures en patchwork et peluches « Avale-Soucis » cousues main par l'association locale « Button Quilters » et la Commission de l'Intégration de la Commune de Sanem. .

## DAMMENTOUR

**LU** D'Integratiounskommissioun vun der Gemeng Suessel hat dënschdes, de 26. Mäerz 2019 op déi 2. Editioune vum „Dammentour“ invitieert, dës Kéier am Tabernakuss um Scheierhaff zu Zolwer.

Dës Soirée, déi d'Lienen téscht de Résidentinnen aus der Gemeng sollen intensivéieren, war erém e volle Succès.

Dës flott Erfarung soll dofir och widderholle ginn, déi nächste Kéier mat nach méi Bierge-rinnen aus der Gemeng Suessel.

**FR** Mardi, le 26 mars 2019, la Commission de l'Intégration de la Commune de Sanem a invité à la deuxième soirée « Dammentour » au Tabernakuss au Scheierhaff à Soleuvre.

Cette soirée, destinée à intensifier les liens entre les résidentes réfugiées du Foyer « Dickskopp » et les habitantes de la commune, fut à nouveau un grand succès.

Ainsi cette expérience formidable sera renouvelée prochainement en espérant accueillir encore plus d'habitantes de la commune. .



— LU —

## SUESSEM SCHMAACHT – ENG GEMENG MAT IESSIONNÉ GÄERT

Och wann d'Gemeng Suessem schonns émmer vill Wäert op gefleegte Grénganlage geluecht huet, esou hu sech dës an dee- ne leschte Joren nach eemol verännert, ganz nom Motto „Suessem schmaacht“. Et goufen an all Uertschaft Hochbeeter op- gestallt, wou jidderee Geméis a Kraider plécke kann.

Am Matgesfeld zu Bieles, wéi och an der Rue du Château zu Suessem goufen esouguer Gäert ugeluecht, fir dass Bier- gerinne a Bierger Geméis uplanze kënnen. Dëst alles am Senn vun der Erhéijung vun



der Biodiversitéit a vum Notze vu Gréng- flächen als sozialen Treffpunkt. Net ze vergiessen de Schlasspark zu Suessem mat sengem Geméisgaart a senge Beem, déi zur Liewensqualitéit bädroen, esou wéi déi vill Spillplazen an der Gemeng, ém- mer am Gréng.

Déi grésste Surface vun de Gréng- flächen an den Uertschafte maachen déi privat Gäert aus. Dës spiller deemno eng ganz wichteg Roll, wann et dorëms geet Liewensraum fir Beien an Insekten unze- bidden. Si kënnen awer némmen en na- tierleche Raum garantéieren, wa se ouni Pestizidien énnerhale ginn, esou wéi et d'Gemeng säit Jore mécht.

## 100 JOER AMIS DE LA FLEUR BIELES

Am Kader vun hirem 100. Anniversai- re maache sech d' Amis de la Fleur Bieles, énnert dem Patronage vun der Gemeng Suessem, op d' Sich no deene schéinsté Gäert. Dat Ganzt natierlech och fir ze weisen, dass deen eenzeg verbleiwende Gaardeverän den Usprichtpartner fir d' Gaardefrénn an der ganzer Gemeng ass.

Well et awer leider net méiglech ass un all Dier schellen ze goen an ze froen, ob ee sech de Gaart ukucke kann, ass et un Iech fir matzemaachen!

## NATUR RONDERËM MÄIN HAUS – DE CONCOURS 2019

Jiddereen, dee sech fir en natierlecht Wunnëmfeld asetzt, ka matzemaachen: **E Familljegaart, e gemeinsame Gaart vun enger Residenz, e Virgäertchen, Anlage ronderëm eng Firma, Gréngs ronderëm eng Schoul, Crèche oder Mai- son Relais, en Daachgaart respektiv eng Daachbegréngung**, natierlech gestallt mat Geméis, Blumme, Beem oder Straich. Mat eppes Iessbarem fir Iech selwer, ma och fir eis Beien, Insekten a Villercher.

**Mellt Iech als Eenzelpersoun, Grupp, Firma, Schoul, Crèche oder Maison Relais per Mail bis spéitstens de 17. Juni 2019 un op service.ecologique@suessem.lu.**

E Jury kënnnt sech all Gaart ukucken, deen ugemellt gëtt. Bei Froen: 59 30 75 - 653 oder 59 30 75 - 655

— FR —

## SANEM A DU GOÛT : UNE COMMUNE DOTÉE DE JARDINS COMESTIBLES !

S'il est vrai que notre commune a tou- jours attaché beaucoup d'importance aux aires vertes, on ne peut que souligner le changement qui s'est encore une fois opé- ré ces dernières années, à l'enseigne de la devise « Suessem schmaacht - Sanem a du goût ». Chaque localité de notre terri-toire a été dotée de potagers surélevés, dans lesquels chacun peut librement cueillir légumes et herbes aromatiques.

Au Matgesfeld de Belvaux comme dans la rue du Château de Sanem, des jardins ont même été installés afin de permettre aux habitants de planter des légumes. Tout cela dans le double but d'enrichir la biodiversité et de transformer les aires vertes en lieux de socialisation. À ne pas oublier non plus le Schlasspark de Sanem avec ses arbres et son potager, qui contribuent à une meilleure qualité de vie, ainsi que les nombreuses aires de jeux communales, toujours situées dans des zones vertes.



La plus étendue des aires vertes de notre commune est formée par l'ensemble des jardins privés. Ces derniers jouent donc un rôle très important dans la conservation de l'habitat des abeilles et des insectes. Ils ne représentent toutefois un espace naturel que dans la mesure où les habitants s'abstiennent d'utiliser des pesticides à l'instar de ce que fait la commune depuis des années.

## 100 ANS : AMIS DE LA FLEUR DE BELVAUX

Dans le cadre de leur 100e anniversaire, les Amis de la fleur de Belvaux se mettent à la recherche des plus beaux jardins de notre territoire, sous le patronage de la Commune de Sanem, pour souligner que la dernière association de jardinage est l'interlocuteur désigné pour tous les amateurs de jardinage. Comme il est impossible de sonner à toutes les portes, à vous de vous manifester !

## NATURE AUTOUR DE CHEZ MOI CONCOURS 2019

Tous ceux qui s'engagent pour un environnement naturel peuvent participer : Un jardin de famille, le jardin commun d'une résidence, une cour avant, les installations vertes entourant un hangar, des bureaux, une école, une crèche ou une maison relais, un gazonnement ou un jardin sur le toit avec des légumes, des arbres ou des haies, pouvant fournir de la nourriture pour vous, mais aussi pour les abeilles, les oiseaux et les insectes.

**Inscrivez-vous en tant que groupe, socié- té, école, crèche ou maison relais avant le 17 juin 2019 à service.ecologique@suessem.lu.** Un jury évaluera chaque jardin inscrit. N'hésitez pas à nous contacter au 59 30 75 - 653 ou le 59 30 75 - 655.

# SAVE THE GREEN DATES

## BLUMMEMAART VUN DEN AMIS DE LA FLEUR BIELES

Samschden 11. Mee 09.00–15.00 Auer

Place de l'Indépendance zu Zolwer

Verkaf vun Blumme-, Kraider-, Geméisplanzen a Blummebuedem. Dést Joer nei: Planzaktiouen. Verkaf vu Blummekëschten, déi op der Plaz zesummegestellt a geplant ginn. Et ass natierlech och méiglech seng eege Blummekësch matzebréngen!

## FAIRTRADE BRUNCH

Samschden 11. Mee 10.00–14.00 Auer

Place de l'Indépendance



## FAIRTRADE FRIDAY

17. Mai 8.30–11.30 Auer

virun der Gemeng zu Bieles

# #FAIRFRIDAY

## SUMMERFEELING

8.–10. Juni

Park vum Suessemmer Schlass

Marché solidaire a gratis Entrée

## PORTE OUVERTE AM MATGESFELD

Samschden 6. Juli 10.00–17.00 Auer

Matgesfeld, Bieles

Offiziell Aweiung vum Beienhaus, der Volière an der Zär | Sammelaktiouon vu Gemeng Suessem hëllef vu Schoulmaterial fir de Cap Vert | lessen a Gedréngs a flott Attraktiouonen de ganzen Dag

